Rosa
Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 12. November 2012

# Pressekommuniqué

Muer um Dënschdeg, den 13. November 2012, fënnt am Europäesche Parlament en Hearing statt, wou d'Membere vum Parlament dem Här Tonio Borg, dee vun der maltesescher Regierung als Nofolger vum Här John Dalli als Kommissär fir Gesondheets- a Verbraucherschutzpolitik virgeschloe gouf, Froë stelle wäerten.
Am Kader vun der Nominatioun souwéi vum Hearing huet d'Organisatioun *Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*, déi sech fir d'Rechter a géint d'Diskriminéierung vu Schwulen, Lesben a Bisexuellen asetzt, de 6 lëtzebuergeschen Europa-Deputéiert en oppene Bréif geschéckt [1], an deem se d'Deputéiert bieden, sech géint d'Ernennung vum Här Borg als Kommissär staark ze maachen.

Opgrond vum Här Borg sengen Aussoen, déi hien als malteseschen Ausseminister an der Vergaangenheet gemaach huet, stellt *Rosa Lëtzebuerg* sech d'Fro, op dëse Kandidat déi fir dëst Amt néideg Onofhängegkeet huet, sou wéi et am Artikel 17, Absatz 3 vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun virgesinn ass.

D'EU-Kommissioun erléist Gesetzer a Richtlinne fir ronn 500 Milliounen Europäerinnen an Europäer mat den ënnerschiddlechste Liewensweeër, Wäerter a Meenungen. Konkret stéiere mir eis, souwéi vill aner LGBT-Organisatiounen uechtert Europa an d'Intergroup fir LGBT-Rechter am Europäesche Parlament och[1], un den ënnert aneren homophoben Aussoe vum Här Borg, déi mam Wëlle vum Parlament, LGBT-Rechter ze förderen, wat och eng ganz Rëtsch Gesondheetsrechter aschléisst, net kompatibel sinn.

*Rosa Lëtzebuerg* kritiséiert desweideren déi nach ongeklärten Ëmstänn, ënnert deenen den Här Borg als maltesesche Regierungsmember dem Rachat Alijew eng Openthaltsgenehmegung ginn huet. Dem Rachat Alijew gi schwéier Mënscherechtsverletzungen a Folter zur Laascht geluecht. Hie steet ënner Mordverdacht a soll a verschidde Fäll vu Geldwäsch, Waffen- an Drogenhandel verwéckelt sinn.

Rosa Lëtzebuerg ass der Iwwerzeegung, datt d'Ernennung vun engem Kommissär mat dëser Hannergrondgeschicht der Reputatioun vun der Europäescher Kommissioun massiv schuede wäert.

*de Conseil d'administration vu*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*

1 http://www.lgbt-ep.eu/press-releases/doubts-over-tonio-borg-record-women-lgbt-rights/

Rosa
Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 12. November 2012

# Pressekommuniqué

Am morgigen Dienstag, den 13. November 2012, findet im Europäischen Parlament ein dreistündiges Hearing statt, wo die Mitglieder des Parlamentes, Herrn Tonio Borg, welcher von der maltesischen Regierung als Nachfolger von Här John Dalli als Kommissar für Gesundheits- und Verbraucherschutzpolitik vorgeschlagen wurde, Fragen stellen werden. Im Rahmen der Nominierung sowie der Anhörung, hat die Organisation *Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*, welche sich für die Rechte und gegen die Diskriminierung von Schwulen, Lesben und Bisexuellen einsetzt, den 6 luxemburgischen Europa-Abgeordneten einen offenen Brief geschickt, in dem sie die Abgeordneten darum bitten, sich gegen die Ernennung des Herrn Borg als Kommissar stark zu machen.

Aufgrund von Herrn Borgs Aussagen, die er als maltesischer Außenminister in der Vergangenheit gemacht hat, stellt *Rosa Lëtzebuerg* sich die Frage, ob dieser Kandidat die für dieses Amt notwendige Unabhängigkeit besitzt, so wie sie im Artikel 17, Absatz 3 des Vertrages über die Europäische Union verlangt wird.

Die EU-Kommission erlässt Gesetze und Richtlinien für rund 500 Millionen Europäerinnen und Europäer mit den unterschiedlichsten Lebenswegen, Werten und Meinungen. Konkret stören wir uns daran, sowie viele andere LGBT-Organisationen in ganz Europa und die Intergroup für LGBT-Rechte im Europäischen Parlament auch[2], an den unter anderem homophoben Aussagen des Herrn Borg, die mit dem Willen des Parlamentes, LGBT-Rechte zu fördern, nicht kompatibel sind. Der Wille solche Rechte zu fördern schließt selbstverständlich Gesundheitsrechter mit ein.

*Rosa Lëtzebuerg* kritisiert desweitern die noch nicht vollständig geklärten Umstände, unter denen Herr Borg als maltesisches Regierungsmitglied Rachat Alijew eine Aufenthaltsgenehmigung ausgestellt hat. Alijew werden schwerwiegende Menschenrechtsverletzungen und Folter zur Last gelegt. Er steht unter Mordverdacht und soll in verschiedenen Fällen von Geldwäsche, Waffen- und Drogenhandel verwickelt sein.

Rosa Lëtzebuerg ist der Überzeugung, dass die Ernennung eines Kandidaten mit dieser Hintergrundgeschichte dem Ansehen der Europäischen Kommission massiv schaden würde.

*der Verwaltungsrat von*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*

2 http://www.lgbt-ep.eu/press-releases/doubts-over-tonio-borg-record-women-lgbt-rights/